



N°6321
Reçue le 09.06.2022
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, 09.06.2022

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 09/06/2022

Här President,

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech
lech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Héichschoul a Fuerschung
weiderzeleeden.**

Als Partner vun den Enseignanten an den schouleschen Etablissementer stellt den *Institut de formation de l'éducation nationale* (IFEN) divers Servicier, virun allem wat d'*Insertion professionnelle* an d'*Formation continue* ubelaangt, zur Verfügung.

Fir d'Missioun vum IFEN ze assuréieren, gräift dësen ob Formateuren/-trichen zeréck. Sou organiséiere si zum Beispill d'*Formations générales* ewéi och *spéciales*, si intervenéieren an der Evaluatioun vun de professionnelle Kompetenzen, a villes méi.

Niewent de fest agestallte Formateuren/-trichen gräift den IFEN ëfters och ob externt Personal zeréck. Dëst gëtt allerdéngs net no engem fixe Salaire, mee no Stonnentariffer ausbezuelte. Mir leien elo Temoignage vir, dass dësem externe Personal vum IFEN refuséiert gëtt, indexéiert Tariffer auszustellen.

An deem Zesammenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Wéi héich ass d'Zuel vum externe Personal, ob dat den IFEN zeréckgräift?
2. Stëmmt et, dass dem externe Personal net erlaabt gëtt, hir Servicier no indexéierten Tariffer ze verrechnen?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven

Député



www.piraten.lu



Äntwert vum Minister fir Educatioun, Kanner an Jugend, Claude Meisch, op d'parlamentaresch Fro Nr. 6321 vum honorabelen Deputéierte Sven Clement

Ad 1)

Den Total vu Formateuren/Prestatairen, déi während dem Exercice budgétaire 2020 vum IFEN bezuelt gi sinn, beleeft sech op 1.256. Fir den Exercice budgétaire 2021 waren et der 1.271.

Ad 2)

D'Formateuren, déi vum IFEN bezuelt ginn, sinn all IFEN-extern Persounen. Et ka geleeëntlech virkommen, datt och Mataarbechter vum IFEN Formatiounen halen, allerdéngs gëtt dëst da mat hirer Aarbechtszäit verrechent.

Bei der Applikatioun vun den Tariffer vum Institut de formation de l'Éducation nationale (IFEN) muss een tëschent dräi verschidden Zenarien ënnerscheeden, jee no Kategorie vum Formateur :

- a) Déi Formateuren, déi zu den "agents de la fonction publique luxembourgeoise" gehéieren. Am Fall wou dës Formateure Formatiounen ausserhalb vun hirer Tâche halen, gi si op Basis vun Declaratiounen bezuelt, déi si ausfëlle mussen. D'Tariffer, déi hei applizéiert ginn, stinn an :
 - der *Loi modifiée du 30 juillet 2015 portant création d'un Institut de formation de l'Éducation nationale*
 - am *Règlement grand-ducal modifié du 25 août 2015 déterminant les tarifs horaires des formateurs et les indemnités des évaluateurs intervenant à l'Institut de formation de l'Éducation nationale, tous précisés comme basés sur un indice 100.*

Dës Tariffer ginn also ëmmer mat deem zum Zäitpunkt vun der Prestatioun gültigen Index applizéiert.

- b) Déi extern Formateuren, déi d'Konditiounen akzeptéieren, sou wéi se am Gesetz definéiert sinn. (Mat Bezuch op de Punkt 1.)
- c) Am Fall vu spezifesche/komplexe Formatiounen, fir déi mir keen internen an och keen externe Formateur hunn, deem déi gesetzlech Tariffer acceptéiert, féiert den IFEN Verhandlung mat engem externe Formateur (Independant, Gesellschaft oder Associatioun). Wa bei de Verhandlungen een Accord fonnt gëtt, gëtt e Kontrakt fir 1 Joer opgestallt, a seelene Fäll och fir méi Joren. An dëse Fäll gëtt keen Index applizéiert, well et sech hei ëm gemeinsam negociéiert Tariffer handelt, déi vu béide Säiten acceptéiert goufen a just iwwert de limitéierten Zäitraum vum Kontrakt gëllen.

Lëtzebuerg, de 11. Juli 2022

De Minister fir Educatioun,
Kanner a Jugend

(s.) Claude MEISCH